National News

Euthanasiegesetz: Kee Stierftourismus an de leschten 2 Joer

RTL - 24.03.2011, 17:50 - Fir d'lescht aktualiséiert: 25.03.2011, 06:21

Recommend Be the first of your friends to recommend this.

Kee Stierftourismus zu Lëtzebuerg: Zwee Joer ass d'Euthanasiegesetz a Kraaft a fënnef Leit hunn bis ewell vun der Stierfhëllef gebrauch gemaach.

Iwwer 2 Joer, nodeems d'Euthanasiegesetz zu Lëtzebuerg a Kraaft ass, huet d'Association pour le Droit de Mourir dans la Dignité de Moien eng éischt Bilanz gezunn. An der ADMD sinn och d'Auteure vun der Gesetzpropositioun den Jean Huss an d'Lydie Err, déi ënnerstrach hunn, datt et weder zum Stierftourismus nach zu iwwerméisseg ville Fäll vun Euthanasie koum.

Déi zoustänneg Commissioun, déi d'Stierfhëllef iwwerwaacht huet an hirem Rapport festgehal, datt an de leschten zwee Joer 5 Fäll vun Euthanasie hei am Land gouf. Déi ganz Polemik ronderëm d'Abuse war also net begrënnt, ënnersträicht den Jean Huss, Vizepräsident vun der Association pour le Droit de Mourir dans la Dignité. Viru Grujelgeschichten hätte kathoulesch Kreesser nämlech ëmmer gewarnt an dovun geschwat, datt mam neie Gesetz, d'Leit an den Alters- a Fleegeheemer quasi ewech euthanaséiert ginn.

Links

AUDIO: Reportage vum François Benoy op RTL Radio Lëtzebuerg

D'Lydie Err huet awer präziséiert, datt an Zukunft wuel méi Leit op d'Stierfhëllef zeréckgräifen. An deenen zwee leschte Joer hu nieft den 5 Fäll vun Euthanasie, bal 700 Leit eng „Dispositon de fin de vie“ gemaach. D'Association pour le Droit de Mourir dans la Dignité huet awer drop higewisen, datt d'Gesetz nach net komplett genuch ass. Zum Beispill gëtt et nach ëmmer eng Incertitude wat Alzheimerkranker ubelaangt.

D'ADMD huet en Donneschdegmueren dann och nach eng Brochure iwwert d'Stierfhëllef an den assistéierten Suizid presentéiert. De Präsident Christophe Schiltz präziséiert, datt een op dëser Broschür 25 Froen fënnt, déi all déi eenzel Aspekter, déi een sech am Zesummenhang mam Euthansasiegesetz froe kann, traitéiert. Dann huet d'ADMD-L elo och een Sekretariat zu Gaasperech, wat permanent besat ass.

« Hannescht op d'Iwwersiicht

« Hannescht op d'News Homepage

« Hannescht op d'Homepage

25. Mär 10:29 Accident um Sennengerbierg: Chauffer war ageschlof
25. Mär 09:00 Pensiounsreform: Diskussiounsronn op RTL Télé Lëtzebuerg
25. Mär 06:51 Agence du Benevolat: Demissioun vum Nicole Reger-Beau
24. Mär 22:42 Accident tëscht Sprénkeng a Betten: 2 liicht Blesséierter
24. Mär 18:21 Geriicht: Mann geheit Frënd vu Bréck, Zeien um 2. Prozessdag
24. Mär 17:28 Keng Radioaktivitéit aus Japan zu Lëtzebuerg ukomm
24. Mär 17:03 Déifferdeng: Mënschlech Schanken um Chantier Aalt Staathaus
24. Mär 16:42 OGB-L: Grousse Flou an alle Beräicher vu Pensiounsreform
24. Mär 17:50 Euthanasiegesetz: Kee Stierftourismus an de leschten 2 Joer
24. Mär 13:54 SES Astra mat méi Capacitéit: Plus 200.000 Stéit am Benelux
24. Mär 11:45 DP: Méi Transparenz beim Proffe-Concours gefuerdert
24. Mär 10:20 Lëtzebuerger Gemenge mobiliséiere sech géint Kettenuewen